LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Travail, de l'Emploi et
de l'Économie sociale et solidaire

**Monsieur Marc HANSEN**
**Ministre aux Relations avec le Parlement**
**Service Central de Législation**
**L-2450 LUXEMBOURG**

Luxembourg, le 12 octobre 2020

| | |
|---|---|
| Agent en charge | M. Armin Skrozic |
| Tel : | 247 86122 |
| Courriel : | armin.skrozic@mt.etat.lu |
| Référence interne | MT/SA/QP/QP N°2797 |

**Concerne : Question parlementaire N°2797 de l'honorable Député Jeff Engelen**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse à la question parlementaire sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

**Pour le Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Economie sociale et solidaire**

**Tom OSWALD**
**Coordinateur général**

26, rue Sainte-Zithe
L-2763 Luxembourg

Tel : (+352)247-86122
Fax : (+352) 49 38 76

info@mte.public.lu
www.mte.public.lu

www.gouvernement.lu
www.luxembourg.lu

**Äntwert vum Här Minister fir Aarbecht a Beschäftegung a fir Sozial- a Solidarwirtschaft Dan Kersch op d'parlamentaresch Fro n°2797 vum honorablen Deputéierten Jeff Engelen**

**Ad. 1 & 2**

Aktuell sinn d'Sozialpartner am gaang d'Verhandlungen iwwert e neien Accord interprofessionnel op Basis vum Avis vum Conseil économique et social vum 11. September 2020 iwwert den Teletravail zu Lëtzebuerg ze finaliséieren. Dësen Accord interprofessionnel soll et erméiglechen den Teletravail zu Lëtzebuerg besser z'encadréieren.

D'Allgemengverbindlechkeetserklärung vun dëser Konventioun iwwert den Teletravail wäert dann och le moment venu per Règlement grand-ducal gemaach ginn.

Sollt sech awer erausstellen, dass niewt dem neien Accord interprofessionnel wéider Upassungen vun den Dispositiounen am Aarbechtsgesetz néideg sinn fir den Teletravail zu Lëtzebuerg nach besser z'encadréieren, wäert d'Regierung desem Besoin natierlech nokommen.

An desem Kontext, huet den Aarbechtsminister fir de 16. Oktober 2020 d'Sozialpartner invitéiert fir ënner aanerem och de Point zu der neier Konventioun iwwert den Teletravail ze maachen.

**Ad. 3**

Et sieff dorop opmierksam gemaach, dass an deene bilaterale Konventiounen déi Lëtzebuerg punkto Fiskalitéit mat Däitschland, Frankräich, an der Belge huet den Teletravail net spezifesch reglementéiert ass. An deene Konventioune gëtt leedeglech festgehal wéi vill Deeg pro Joer de Frontalier an sengem Residenzland schaffe kann, ouni dass de Frontalier an deem Land besteiert muss ginn.

Wat d'Systemer vun der sozialer Sécherheet ubelaangt, gëtt d'Koordinatioun duerch d'EU-Reglementer (CE) n°883 vun 2004 an (CE) n°987 vun 2009 geregelt. De Minister fir sozial Sécherheet hat direkt Ufanks vun der Covid-19-Kris Kontakt mat sengen Homologuen geholl fir en Accord ze kréien, fir dass déi Deeg, déi d'Frontalieren am Teletravail vun hierem Doheem aus maachen, net sollten gezielt ginn fir d'Déterminatioun vun der Affiliatioun (Seuil vu 25% deen an der Reglementatioun virgesinn ass). D'Accord'en mat den 3 Nopeschlänner lafen bis den 31. Dezember 2020.

De Finanzministär ewéi och de Ministär fir sozial Sécherheet sinn awer a Kontakt mat de Nopeschlänner fir iwwert adäquat Léisungen a Funktioun vun der Evolutioun vun der Situatioun ze schwätzen. D'Diskussiounen fir eng méi laangfristeg Léisung sinn awer dovunner ofhängeg, wat an dem Accord interprofessionnel betreffend de Teletravail wäert festgehale ginn.